Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4938

Mesures contre la prolifération de la bactérie Xylella fastidiosa dans les vignobles

Déposée par: *Streff Ben, Delcourt Claire*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *15.10.2026*
Date limite de réponse: *14.11.2026*

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Den 13. Oktober 2026 huet de Landwirtschaftsministère matgedeelt, datt d'Bakterie Xylella fastidiosa op dräi verschiddene Plazen an de Gemenge Mäertert a Gréiwemaacher nogewise gouf.

Dës Bakterie kann ënner anerem Wäiriewen ugräifen an dozou féieren, datt dës ofstierwen. Well et aktuell keng Behandlung gëtt, fir infizéiert Planzen ze heelen, hunn déi zoustänneg Autoritéiten am Aklang mat den europäesche Virschrëften eng Rei Mesuren annoncéiert, fir eng weider Verbreedung ze verhënneren.

Dozou gehéiert notamment d'Rodung an d'Zerstéierung vun de betraffene Riewen, och wann si nach keng Symptomer weisen. Gläichzäiteg goufe Sécherheetszonen definéiert, an deenen zousätzlech Kontrollen duerchgefouert ginn.

Dës Situatioun stellt de Lëtzebuerger Wäibau virun nei Erausfuerderungen a werft Froen iwwert d'Ursaache vun der Infektioun, de Risiko vun enger weiderer Verbreedung an déi wirtschaftlech Konsequenze fir déi betraffe Wënzer op.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ginn et éischt Erkenntnisser doriwwer, wéi d'Bakterie Xylella fastidiosa op déi betraffe Plazen op der Lëtzebuerger Musel komm ass? Kann ausgeschloss ginn, datt d'Bakterie sech schonn op anere Plazen am Lëtzebuerger Wäibau verbreet huet?

- Wéi vill Wäibau-Betriber si vun de bis elo festgeluechten Infektiounszonen direkt betraff?

- Wéi eng konkret Kontroll- a Preventiounsmesuren si fir déi nächst Méint virgesinn, fir eng weider Verbreedung vun der Bakterie ze verhënneren? Ginn och ausserhalb vun den aktuell definéierte Sécherheetszonen zousätzlech Analysen duerchgefouert?

- De Ministère huet annoncéiert, datt déi betraffe Wënzer fir d'Schied duerch déi sanitär Mesuren entschiedegt ginn. Handelt et hei ëm d'Hëllefe fir den arrachage sanitaire préventif dans le secteur viticole?

o Wa jo, wäerten déi betraffe Betriber mat Hëllefe fir eng spéider Neiuplanzung an de Verloscht vu potentiellem Akommes rechne kënnen?

- Ënner wéi enge Konditiounen an no wéi engem Delai kënnen déi betraffe Wënzer hir Parzellen erëm mat Wäiriewen uplanzen? Wéi eng Ënnerstëtzung ass fir dës Iwwergangsperiod virgesinn?

- Wéi gesäit déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht mat den däitschen Autoritéiten aus? Ginn et gemeinsam Kontrollmesuren an e reegelméissegen Austausch vun de Resultater aus Analysen, fir eng méiglech Verbreedung vun der Bakterie laanscht d'Musel fréi z'erkennen?

Mat déiwen Respekt

Claire Delcourt

Ben Streff

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4938 vum 15. Oktober 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Claire Delcourt a Ben Streff

1. Ginn et éischt Erkenntnisser doriwwer, wéi d'Bakterie Xylella fastidiosa op déi betraffe Plazen op der Lëtzebuerger Musel komm ass? Kann ausgeschloss ginn, datt d'Bakterie sech schonn op anere Plazen am Lëtzebuerger Wäibau verbreet huet?

D'Origine vum Befall ass nach net gekläert. Et kann de Moment net ausgeschloss ginn, datt et weider Befallsplaze gëtt. Dofir ginn an de Pufferzone méi Prouwe geholl an analyséiert.

2. Wéi vill Wäibau-Betriber si vun de bis elo festgeluechten Infektiounszonen direkt betraff?

Fënnef Wënzer si vun de Befallszone betraff.

3. Wéi eng konkret Kontroll- a Preventiounsmesure si fir déi nächst Méint virgesinn, fir eng weider Verbreedung vun der Bakterie ze verhënneren? Ginn och ausserhalb vun den aktuell definéierte Sécherheetszonen zousätzlech Analysen duerchgefouert?

D'Bakterie selwer kann nëmmen duerch d'Rodung vun de betraffene Planze bekämpft ginn. D'Rodung gëtt no den Dispositioune vum Duerchféierungsreglement (EU) 2020/1201 duerchgefouert.

An den **Infektiounszonen**, an deenen insgesamt ronn een Hektar Wéngert gerodet gouf, mussen och Riewen ouni Symptomer an aner Wirtspflanzen ewechgeholl ginn. D'Insekten, déi d'Bakterie iwwerdroe kënnen, ginn och an de Wéngerten an den Infektiounszonen bekämpft.

An de **Pufferzon** vun 2,5 Kilometer ronderemer Infektiounszon gi momentan dräi Mesuren ëmgesat:

- d'Iwwerwaachung vun de Wirtspflanzen duerch Probenahmen no engem festgeluechte Raster mat Analysen,
- d'Verbuet, Wirtspflanzen oder Deeler dovun aus de Pufferzonen erauszebréngen,
- Informatiounsversammlunge fir déi breet Ëffentlechkeet. Spezifesch zousätzlech Veranstaltunge fir Wënzer sinn an de Wanterméint geplangt.

Nieft dëse Mesurë leeft de järleche staatleche Monitoring och ausserhalb vun de Pufferzone weider. Fir 2026 goufen 140 Prouwen op der Lëtzebuerger Musel geholl.

4. De Ministère huet annoncéiert, datt déi betraffe Wënzer fir d'Schied duerch déi sanitär Mesuren entschiedegt ginn. Handelt et sech hei ëm d'Hëllefe fir den arrachage sanitaire préventif dans le secteur viticole?

- **Wa jo, wäerten déi betraffe Betriber mat Hëllefe fir eng spéider Neiuplanzung an de Verloscht vu potentiellem Akommes rechne kënnen?**

Déi betraffe Wënzer solle fir d'Schied duerch déi virgeschriwwe phytosanitär Mesuren entschiedegt ginn. D'Detailer vun de Modalitéite fir d'Berechnung vun den Entschiedegungen si nach net festgeluecht.

5. Ënner wéi enge Konditiounen an no wéi engem Delai kënnen déi betraffe Wënzer hir Parzellen erëm mat Wäiriewen uplanzen? Wéi eng Ënnerstëtzung ass fir dës Iwwergangsperiod virgesinn?

Déi betraffe Wënzer solle fir d'Schied duerch déi virgeschriwwe phytosanitär Mesuren entschiedegt ginn. D'Uplanzung kann eréischt erfollegen, wann d'Gebitt befallsfräi ass. E Gebitt kann eréischt als befallsfräi deklaréiert gi wann 1 Joer laang mat intensivem Monitoring an deem Gebitt keng nei Fäll fonnt goufen.

6. Wéi gesäit déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht mat den däitschen Autoritéiten aus? Ginn et gemeinsam Kontrollmesuren an e reegelméissegen Austausch vun de Resultater aus Analysen, fir eng méiglech Verbreedung vun der Bakterie laanscht d'Musel fréi z'erkennen?

Et gëtt mat den däitschen zoustännegen Instituter zesummegeschafft. Déi däitsch Autoritéiten hunn hir Iwwerwaachungs- an Informatiounsmesurë verstäerkt an huelen op hirem betraffenen Territoire änlech Mesuren. Den Austausch ass ganz oppen a gutt, zemools well d'Leit sech säit dem gemeinsame Simulatiounsexercice vum leschten Dezember gutt kennen an sech op gemeinsam Virgoensweise gëeenegt hunn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau